*MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

*Ont voté non : MM. Dan Hardy, Fred Keup, Michel Lemaire, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Dann ass och dat esou decidéiert.

***Motion 1***

An dann hu mer wärend dëser Debatt eng Motioun op de Büro kritt. D'Madamm Closener huet eng Motioun deposéiert. Madamm Closener, wëllt Dir direkt dozou schwätzen? Dir wëllt dono dozou schwätzen. Wie wëllt zu der Motioun vun der Madamm Closener Stellung huelen? Madamm Minella, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Mandy Minella** (DP), rapportrice | Merci, Här President. Merci och der Madamm Closener fir dës Motioun. Et ass jo elo esou, dass d'europäesch Schoule schonn engem europäesche Qualitéits- an Evaluatiounssystem ënnerleien. Dofir brauche mir keng weider eegen national Léierziler fir d'Europaschoul festzeleeën a kënnen dat och net. Ech mengen, déi aner 27 Memberstaaten hu jo do och nach e Wuert matzeschwätzen.

A wann ech Ären zweeten Tiret kucken, do schwätzt Der vun „harmonisation [...], tout en respectant les spécificités propres à chaque filière et à chaque type d'école". Dat ass fir mech e Widdersproch.

A soumat géif ech menger Fraktioun proposéieren, dës Motioun net matzestëmmen. Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Minella. Sinn nach Wuertmeldungen zu dëser Motioun do? Här Keup.

**M. Fred Keup** (ADR) | Jo, merci, Här President. Ech hu se elo eréischt kritt. Mee wann ech mech elo net ieren, geet et jo drëms, hei Épreuves standardisées ze maachen, wou ee wierklech kann den Niveau vun de Schüler aus dem traditionelle System mat deene vum europäesche System vergläichen.

Also, wann et esou ass – ech mengen, dat liesen ech hei –, dann ass dat jo awer eppes, wat wichteg ass, wat mir och scho gefrot haten. Mir haten nämlech scho viru Joren an enger Motioun gefrot, dass an deenen europäesche Schoulen en Test soll gemaach ginn, ob se den Niveau erreechen am Lëtzebuergeschen. Dat ass hei refuséiert ginn. Mir hate gefrot, déi Épreuves standardisées genau d'selwecht ze maachen an der normaler, traditioneller Schoul wéi an den europäesche Schoulen. Och dat ass refuséiert ginn, well ee warscheinlech kee Vergläich wëll.

Bon, wann et e Vergläich soll ginn, eng besser Kommunikatioun, da si mir derfir.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Keup. Sinn nach aner Wuertmeldungen do? Den Här Marques, duerno d'Madamm Bernard. Här Marques.

**M. Ricardo Marques** (CSV) | Jo, merci, Här President. Ech ka mech nëmmen un dat ralliéieren, wat d'Madamm Minella scho gesot huet. Ech hunn a menger Ried, a menger Interventioun, scho gesot, mir sollten déi Bestandsopnam no deenen dräi neien ëffentlechen europäesche Schoule maachen, fir dass mer eis déi néideg Zäit ginn, fir déi Froen, déi d'LSAP hei opwerft, an e Gesamtkonzept mat eranzehuelen. Et ass elo nach ze verfréit. Kommt, mer ginn eis déi Méiglechkeet, déi Gesamtanalys ze maachen, wann déi dräi international, europäesch Schoulen do sinn!

Ech mengen, dat ass de richtege Moment, fir eis genau déi richteg Froen ze stellen an ze kucken: Wou si mer drun? Wat hunn déi dräi nei ëffentlech Schoulen och bäigesat an engem System, wat et och brauch?

Ech soen Iech dofir Merci an ech géif mech der DP ralliéieren, fir déi Motioun net matzedroen.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Marques. Madamm Bernard.

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Jo, merci, Här President. Ech sinn nach e bëssen ... Ech probéieren elo nach, de Message vum Här Marques hei e bëssen opzedréiselen.

*(Interruption par M. Ricardo Marques)*

Ech hat elo d'Gefill, datt dat e bësse Gerudders war par rapport zu senger viregter Ried.

Grad deen zweeten Tiret ass eis immens sympathesch, well – ech hat et jo och a menger Ried kuerz gesot – och d'Fro vum Curriculum hei ganz erapasst: Hu mer déi selwecht Léierziler, wou mer transversal an alle Schoulen drop hischaffen? Dat fannen ech an dësem Tiret erëm, dat ënnerstëtze mer.

An ech mengen, och soss ass eng transparent Kommunikatioun enorm wichteg. Et gëtt och deelweis ganz vill Mëssinterpretatioune vun deene verschiddene Resultater an de Systemen. An ech mengen, et géing dozou bäidroen, wann d'Systemen esou evaluéiert géinge ginn, datt se och kënne matenee vergläichbar sinn, datt se och transparent kommunizéiert ginn.

An an deem Sënn gesinn ech näischt, wat hei géint déi heite Motioun schwätzt, an dowéinst géing ech deene Grénge proposéieren, se ze ënnerstëtzen.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Bernard. Ech gesi soss weider keng Wuertmeldung. Da kritt d'Auteure, d'Madamm Closener, d'Wuert. Madamm Closener.

**Mme Francine Closener** (LSAP) | Jo, villmools merci. Also nach eng Kéier: Mir si jo fir e Gesamtkonzept an net fir zwee ënnerschiddlech Piliere vun der ëffentlecher Schoul. An déi Recommandatioun do, fir déi Bildungsstandarden anzeféieren, déi kënnt net vun eis, déi ass net op eiser Mëscht gewuess, mee aus engem Rapport iwwert d'evidenzorientéiert Qualitéitsentwécklung vum Observatoire vun der Schoulqualitéit. Dee wëll – oder recommandéiert – genau dat. An dat si Bildungsstandarden, déi net dat selwecht si wéi detailléiert Léierpläng, déi sech also net esou op den Inhalt bezéien, mee éischter Ufuerderunge festleeën, déi Schüler um Enn vun engem Cycle mussen erfëllen.

An et gi jo schonn ÉpStan-Tester gemaach, och an den Europaschoulen – dat fanne mir och ganz gutt –, net nëmmen an der Mathé, mee och an de Sprooche mëttlerweil, dat fanne mir ganz gutt. Mee dat eent an dat anert si jo kee Widderspréch. An och wann et eng europäesch Evaluatioun gëtt, ass dat jo kee Widdersproch. Am Géigendeel, ech mengen, dass dat Transparenz géif bréngen an dass dat och vill Froe beäntwerte géif, déi d'Eltere sech stellen – „Wat ass deen Diplom do wäert an där Europaschoul? Bréngt dat eppes? Wéi eng Diere mécht en op a wéi eng mécht en zou?" –, dass dat, wann een dat géif seriö communiquéieren, zugonschte vu jidderengem wär a virun allem vun de Schüler.

Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Closener. Domat wär d'Diskussioun zu dëser Motioun dann ofgeschloss.

An ech géing d'Motioun Nummer 1 vun der Madamm Closener zum Vott stellen.

***Vote sur la motion 1***

Ech maachen de Vott op. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 25 Jo-Stëmmen, 35 Nee-Stëmmen, keng Abstentioun. Dës Motioun ass also mat 35 Nee-Stëmme géint 25 Jo-Stëmmen ofgeleent.

*Ont voté oui : M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Ben Polidori et Ben Streff ;*

*MM. Dan Hardy, Fred Keup, Michel Lemaire, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring (par Mme Djuna Bernard) ;*

*MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

*Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach (par Mme Diane Adehm), Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Georges Mischo, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler (par M. Maurice Bauer), MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino (par M. André Bauler), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Patrick Goldschmidt (par M. Gérard Schockmel), Gusty Graas, Marc Hansen, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par Mme Corinne Cahen) et M. Gérard Schockmel.*

## 7. 8709 – Projet de loi portant modification de la loi du 1er août 2018 portant création d'une représentation nationale des parents

An da komme mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour vun de Mëtten, an zwar dem Projet de loi 8709, enger Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Grënnung vun enger nationaler Elterevertriedung. Och hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Jeff Boonen, d'Madamm Francine Closener, den Här Fred Keup, d'Madamm Djuna Bernard an den Här David Wagner. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

***Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse***

**M. Gilles Baum** (DP), rapporteur | Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ech däerf Iech haut de Rapport zum Gesetzesprojet virstellen, deen d'Gesetz vum 1. August 2018 iwwert d'Schafung vun enger nationaler Elterevertriedung ofännert. De Projet huet d'Zil, dës Struktur op Basis vun den Erfarunge vun de leschte Joren ze stäerken, hir Missiounen auszebauen an hire Fonctionnement méi kloer a méi effizient ze gestalten.

Zënter der Aféierung vum Gesetz 2018 huet sech d'national Elterevertriedung als feste Bestanddeel vun eiser Schoullandschaft etabléiert. Vill Elteren engagéiere sech haut um lokalen, sektoriellen oder nationalen Niveau. D'Praxis huet awer gewisen, datt verschidde gesetzlech Bestëmmungen net prezis genuch waren an datt den institutionelle Kader un d'Entwécklung vum Educatiounsberäich muss ugepasst ginn.

Ee vun de wichtegste Punkte vun dëser Reform ass d'Erweiderung vun de Missioune vun der nationaler Elterevertriedung. Bis elo huet sech hiert Mandat haaptsächlech op de schoulesche Beräich konzentréiert. An Zukunft gëtt hire Kompetenzberäich op d'SEA, also d'Servicer fir d'Erzéiung an d'Betreiung vu schoulflichtege Kanner, ausgedeent. Dat betrëfft also d'Maison-relaisen, d'Foyer-scolairen an och d'Foyers du jour. Duerch dës Erweiderung gëtt de Familljen en eenheetlechen Uspriechpartner ugebueden, dee sech souwuel mam schoulesche wéi och mam ausserschoulesche Beräich befaasst. Domat gëtt der Tatsaach Rechnung gedroen, dass d'Bildung an d'Entwécklung vun de Kanner net nëmmen, net exklusiv, an der Schoul stattfannen.

De Projet gesäit och nei Aufgabe fir d'national Elterevertriedung vir. Esou solle si all Joer Formatioune fir d'Elterevertrieder organiséieren an och e Code de déontologie ausschaffen, deen op all d'Elterevertrieder, egal ob se lokal, sektoriell oder national engagéiert sinn, uwendbar ass.

Gläichzäiteg gëtt awer och d'Zesummenaarbecht tëschent der nationaler Elterevertriedung an deene sektoriellen Elterevertriedunge gestäerkt, fir d'Verbindung tëscht dem Terrain an dem nationalen Niveau ze verbesseren.

Eng weider wichteg Ännerung betrëfft d'Zesummesetzung vun der nationaler Elterevertriedung. D'Zuel vun de Membere bleift identesch bei 12, mee d'Verdeelung gëtt ugepasst, nämlech an Zukunft 5 Vertrieder aus dem Fondamental, 5 Vertrieder aus dem Secondaire. An déi 2 Vertrieder vun de Kompetenzzentere fir spezialiséiert psychopedagogesch Ënnerstëtzung, déi bleiwen natierlech erhalen. Dës Upassung soll e bessert Gläichgewiicht tëschent deene verschiddene Schoulberäicher erméiglechen.

De Projet vereinfacht och d'Walprozeduren. Verschidde Schrëtt, déi sech an der Praxis als schwéierfälleg oder onnéideg erwisen hunn, ginn ofgeschaaft. An zousätzlech gëtt et méiglech, sech och nach den Dag selwer vun der Wal spontan als Kandidat ze mellen, wann net genuch Kandidaturen disponibel wären. D'Frist, fir eng Kandidatur beim Minister unzemellen, gëtt vun 3 op 7 Deeg verlängert.

Ausserdeem gëtt eng kloer Reegelung geschaf fir de Fall, wou e Mandat virzäiteg vakant gëtt, wou e Mandat ofleeft, dat duerch Demissioun, duerch den Doud oder och duerch de Verloscht vun de gesetzleche Konditiounen.

Fir dem verstäerkten Engagement vum President Rechnung ze droen, gëtt säi Congé de représentation vun 8 op 12 Deeg pro Joer eropgesat. Dëst soll et erlaben, déi vill Koordinatiouns- a Representatiounsaufgaben engagéiert an ënner gudde Konditioune kënnen auszeféieren.

Schlussendlech gëtt eng gesetzlech Basis fir eng digital Plattform geschaf. Dës Plattform soll d'Kommunikatioun tëschent den Elterevertriedungen op deene verschiddenen Niveauen an den Educatiounsautoritéiten erliichteren. Si soll en Informatiounsaustausch, d'Verbreedung vu gudde Praktiken an intern Consultatiounen erméiglechen.

D'Gesetz trëtt zum ganz, ganz grousse Deel direkt no senger Veröffentlechung a Kraaft. D'Bestëmmungen iwwert d'Zesummesetzung vun der nationaler Elterevertriedung wäerten awer eréischt den 1. Dezember dëst Joer (veuillez lire: den 1. Dezember 2028) uwendbar sinn, fir déi scho geplangte Walen net ze stéieren.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ech komme kuerz op déi verschidden Avisen ze schwätzen.

De Staatsrot hat keng formell Oppositioun formuléiert. Hien huet awer eng Bemierkung gemaach zum geplangte Code de déontologie. Laut dem Staatsrot handelt et sech éischter ëm Orientéierungsrichtlinnen ouni verbindleche Charakter, soudass d'Bezeechnung „Code de déontologie" eventuell zu Mëssverständnesser féint féieren.

Am Beräich vum Dateschutz huet de Staatsrot festgehalen, dass déi verschidden Traitementer vu perséinlechen Donnéeë prezis a proportionéiert definéiert musse ginn. Hien huet awer verschidde redaktionell Upassunge virgeschloen, fir de Gesetzesprojet méi kloer a méi kohärent ze gestalten.

D'ASTI begréisst dëse Projet ausdrécklech. Si gesäit an der Reform eng Chance, fir d'Roll vun den Elterevertriedungen ze stäerken an d'Participatioun vun den Eltere weider auszebauen. Besonnesch positiv bewäert d'ASTI d'Aféierung vu Formatiounen an d'Opwäertung vun de sektoriellen Elterevertriedungen. D'ASTI ënnersträicht awer och, dass eng gutt gesetzlech Basis eleng net duergeet. Si plädéiert weider fir eng besser Informatioun vun de Familljen, eng méi staark Kommunikatioun an eng méi inklusiv Participatioun vun allen Elteren, och aus private Schoulen a mat verschiddene kulturellen Hannergrënn.

D'FELSEA begréisst besonnesch d'Erweiderung vum Kompetenzberäich op d'Maison-relaisen an d'Betreiungsstrukturen. Si erkennt doran eng Unerkennung vun der wichteger Aufgab vun der nonformeller Bildung an eng Verbesserung vun der Kohärenz um Erzéiungs- a Bildungswee vun de Kanner.

Et gouf och en Avis vun der Chambre de Commerce an ee vum Syvicol, ech géif dofir op de schrëftleche Rapport verweisen.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, dëse Gesetzesprojet ass eng geziilten an noutwendeg Weiderentwécklung vun engem Instrument, dat sech an de leschte Jore bewäert huet. Hie stäerkt d'Roll vun den Elteren am Educatiounssystem, verbessert d'Zesummenaarbecht tëschent deene verschiddenen Acteuren a passt de legale Kader un déi aktuell Realitéiten un.

Domat wär ech och um Schluss vu mengem Rapport. An ech géif den Accord vun der DP-Fraktioun zu dësem Projet de loi ginn. Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Baum, fir de schrëftlechen a fir de mëndleche Rapport.

An den éischte Riedner ass den Här Jeff Boonen. Här Boonen, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Jeff Boonen** (CSV) | Merci, Här President. Ech mengen, de Rapporter huet all d'Detailer erkläert. Dat, wat wichteg war – doriwwer hate mer och an der Kommissioun geschwat zu dësem Projet –, ass, dass den Text zesumme mat der besteeënder Elterevereenegung ausgeschafft ginn ass an domat och relativ wéineg Kriticken an den Avise waren, well mat den Erfarunge vum Terrain den Text vun 2018 verbessert ginn ass an dat dofir am breede Konsens gemaach ginn ass.

D'Eltere sinn e wichtege Bestanddeel vun der Bildungspolitick. Ech mengen, heiansdo kann ee soen, den Här Minister weess dat, dass mer méi Experten an der Bildungspolitick hunn – oder esou vill –, wéi Kanner do sinn. An dofir ass et natierlech wichteg, dass een dat e bësse bündelt iwwer eng Elterevereenegung, wou se ganz vun der Basis aus, vun den Elterevereenegungen an de Gemengen erop bis bei déi national Vertriedung, kënnen hir Iddien, hir Meenungen äusseren. An dat ass natierlech flott.

Dir hat et gesot: Et sinn 1.000 Elteren, déi lokal engagéiert sinn. An et hate sech och eng 38 Leit gemellt fir eeben déi 12 Posten an der nationaler Elterevereenegung. Domat ass jo e gewëssene Wonsch do fir d'Participatioun. An dat ass och gutt.

Duerfir, fir eis als CSV ass dat do kloer: Eng staark Schoul brauch eng staark Partnerschaft mat den Elteren. An dofir ënnerstëtze mer dëse Projet.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Boonen. D'Madamm Francine Closener huet elo d'Wuert. Madamm Closener.

**Mme Francine Closener** (LSAP) | Här President, wat d'Eltere méi d'Gefill hunn, dass der Schoul vun hirem Kand hir Meenungen, hir Siichtweise wichteg sinn, wat den Engagement an d'Kooperatioun vun den Elteren an der Reegel och méi héich sinn. D'LSAP begréisst dofir dëse Projet fir eng Stäerkung vun der nationaler Elterevertriedung, well dat e ganz wichtege Schratt ass, fir datt d'Stëmm vun den Elteren an eiser Bildungslandschaft och wierklech ze héieren ass.

Leider ass déi national Elterevertriedung aktuell awer nach net esou bekannt, wéi se et kéint sinn, wéi se et eigentlech och misst sinn. Déi meescht Eltere kenne knapps hir lokal Vertrieder an der Schoul an hirer Gemeng. An den nationalen Niveau ass do nach emol e bësse méi wäit ewech. Mir hoffen dofir, datt dat heite Gesetz dozou bäidréit, datt d'Elterevertrieder hir Missioune besser a virun allem méi visibel erfëlle kënnen, fir dass hir Aarbecht och dat Gehéier kritt, dat et verdéngt.

Wéi ech mat enger Rei vu lokalen Elterevertrieder geschwat hunn, sinn ech nämlech och gewuer ginn, dass se hir Aarbecht net ëmmer als zilféierend empfannen. Et ginn zwar natierlech Stellungnamen an Avise gefrot a geschriwwen, zum Beispill zur Schoulorganisatioun oder zum PDS, mee dacks verschwanne se awer quasi ongelies an engem Tirang.

Sou dierf Participatioun natierlech net ausgesinn, weeder um lokalen nach um nationalen Niveau. Wann ee participativ Gremie schaaft, fir Eltere besser anzebannen, da muss een op där anerer Säit och sécherstellen, datt de Ministère, d'Direktiounen an d'Schoule bereet sinn, deen Dialog och ze féieren. D'Mënschen no hirer Meenung ze froen, just fir déi Meenung dann duerno ze ignoréieren, dat frustréiert d'Leit. An dat huet dës Regierung jo am Kontext mam holperege Sozialdialog scho selwer méi wéi eng Kéier mussen erliewen.

Mir hoffen dofir, datt dëse Projet an der Praxis wierklech zu enger Verbesserung vun der Kooperatioun tëscht Elteren a Schoulen an de lokalen an nationalen Elterevertrieder féiert an net just e Participatiounsoutil um Pabeier bleift. Mir gesinn an de Verbesserungen, déi de Projet de loi virgesäit, duerchaus Potenzial, zum Beispill an där elektronescher Plattform fir déi 1.200 Elterevertrieder, wou se sech kënnen austauschen a wou se och emol Sondagë kënne maachen. Mir freeën eis och, datt de wichtege Volet vun der nonformeller Bildung, also Crèchen a Maison-relaisen, an Zukunft an de Kompetenzberäich vun der nationaler Elterevertriedung fale wäert. Et ass jo e Beräich, deen eng extreem Expansioun erlieft an duerfir ass et extreem wichteg, d'Stëmm vun den Elteren an deem Ausbauprozess net ze vergiessen.

Wéi gesot, et geet net just duer, déi Stëmm ze héieren, mee virun allem muss een och op dat, wat gesot gëtt, lauschteren an deem eng Suite ginn, well just da kann een och vun enger wierklecher Kooperatioun schwätzen.

Dat gesot, ginn ech den Accord vu menger Fraktioun. Villmools merci fir d'Nolauschteren.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Closener. Den Här Fred Keup huet elo d'Wuert. Här Keup.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, Här President. Also, et ass jo gutt, wann d'Eltere sech engagéieren, dat begréisse mer. Well normalerweis sinn déi Elteren, déi sech engagéieren, jo och Elteren, déi un der Bildungspolitick eppes ze kritiséieren hunn. Dat ass an der Reegel de Motor, firwat ee sech engagéiert. An ech hoffen dann, dass dat esou bleift.

Wat eis awer e bësse Gedanke mécht hei an deem ganze Gesetzesprojet, dat ass och dat, wat dem Staatsrot Gedanke mécht, an dat ass déi Saach mat enger Élaboration d'un code de déontologie fir déi Leit, déi dann do am Kommitee sinn. Mir sinn ëmmer ganz skeptesch, wann et ëm Codes de déontologie geet, well et dach awer oft eng Rumm bitt, wou ee verschidde Saachen dann nach dierf bemängelen an aner Saache vläicht net, wou ee verschidde Saachen dierf soen, seng Meenung dierf äusseren a bei anere Saachen net.

An dat ass och am Fong net grad dat, wat de Staatsrot seet, awer et geet an déi Richtung, wou de Staatsrot seet. Hei gëtt e Code de déontologie geschaf, deen am Fong awer guer kee Wäert huet, well et gëtt jo keng Sanktiounen, wann ee sech net drun hält. An dann ass dat Ganzt superfetatoire an et hätt een et sollen aus dem Gesetzestext eraushuelen. Duerfir wësse mir och net, firwat et drabliwwen ass. Dann ass et esou, wéi de Staatsrot seet: Dat ass eng Irreführung, „susceptible d'induire en erreur", well et eppes virmécht, eppes virtäuscht, wat et net gëtt. Et gëtt hei virgetäuscht, dass et géif normativ Reegele ginn a Sanktiounen, déi et awer net gëtt, well se net virgesi sinn. Dofir froen ech mech, firwat dat nach ëmmer drasteet mat deem Deontologiekodex.

An ech weess och net genee, wat mer elo hei stëmmen, wat duerno dobäi erauskënnt bei deem Code de déontologie. Vläicht kann den Här Minister eppes dozou soen, wat e sech dorënner virstellt oder firwat dat hei dra stoe bliwwen ass. Mee dat ass eppes, wat eis skeptesch mécht a wou mer dat dann éischter net matstëmme wäerten.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Keup. D'Madamm Djuna Bernard huet d'Wuert.

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Jo, merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, et gouf scho vill gesot. Eppes, wat eng Realitéit ass, wann et esou ëm dat Zesummespill geet vun Elteren an der Bildungslandschaft, ass, dass dann heiansdo probéiert gëtt, Verantwortungen hin- an hierzeschiben. An dat kann duerchaus zu Frustratiounen op alle Säite féieren.

An d'Wouerecht ass awer u sech déi, dass d'Kanner net déi Géigesätz tëscht der Schoul an dem Elterenhaus brauchen, mee eng Allianz. An d'Verantwortung fir d'Bildung an d'Entwécklung vun engem Kand ass eeben eng gemeinsam Verantwortung vun all dësen Acteuren. D'Erzéiung fänkt doheem un, d'Schoul baut drop op an d'Crèchen an d'Maison-relaisen, déi komplettéieren a weise vläicht nach eng Kéier Potenzialer an Talenter op, déi d'Kanner op anere Plazen nach net esou empfonnt hunn. An nëmme wann déi dräi Säiten zesummeschaffen, kënnen d'Kanner déi beschte Chancen hunn.

An dowéinster ass et och sou wichteg, dass den Elteren haut net nëmme just nogelauschtert gëtt, mee dass se eng gesetzlech verankert Plaz an der Bildungslandschaft hunn an dass d'Elterevertriedung och als Instanz esou geschaf gouf, fir hinnen eng Legitimitéit an och eng demokratesch Daseinsberechtegung als gewielte Stëmmen ze ginn, fir datt se um Bildungssystem wierklech aktiv kënne matwierken.

Dëse Gesetzesprojet ass e gudde Gesetzesprojet. E vereinfacht Saachen, en hëlt d'Realitéit vun der nonformaler Bildung nach eng Kéier mat op. An ech wëll u sech ofschléisse mat dem Constat, dass eis Schoulen natierlech engagéiert Enseignantë brauchen, mee si brauchen eeben och engagéiert Elteren. An déi gesi mer an de lokalen Elterevereenegungen an och an der nationaler. Wa mer iwwert d'Zukunft vun der Bildung schwätzen, da brauche mer eeben alleguerten déi Acteuren zesummen, déi un engem Strang zéien, déi sech ergänzen, déi vläicht emol sech géigesäiteg Perspektiven opweisen. An an deem Sënn kënne mer nëmmen zesummen eng gemeinsam Verantwortung fir d'Kanner huelen an ech kann dat nëmmen ënnerstëtzen.

An dowéinst gi mir och eisen Accord.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Bernard. Den Här David Wagner huet elo d'Wuert. Här Wagner.

**M. David Wagner** (déi Lénk) | Merci, Här President. Jo, mir wäerten och eisen Accord zu dësem Projet de loi ginn. Ech mengen, et ass wichteg, datt d'Eltere vun de Kanner sech kënne kloer engagéieren a matschwätzen och an der Bildungspolitick. A wéi och d'ASTI et jo an hirem Avis ënnerstrach huet – an de Rapporter Gilles Baum huet et jo och erwäänt –, datt et wichteg ass, datt déi Elterevertriedung och der Diversitéit vum Land entsprécht, well mer wierklech ganz vill verschidde Situatiounen hunn, Liewenssituatioune vun Elteren an deenen hire Kanner, also de Schüler a justement där ganz diverser Schoullandschaft, déi mer hei zu Lëtzebuerg hunn. Dat ass warscheinlech ee vun de groussen Defien. An do huet d'ASTI och total Recht, ze soen, datt dat muss gewärleescht ginn. Mee an deem Sënn wäerte mer trotzdeem deen heite Projet de loi stëmmen.

Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Wagner. Domat ass d'Lëscht vun den ageschriwwene Riedner ofgeschloss.

Dann huet d'Regierung d'Wuert. Här Minister.

***Prise de position du Gouvernement***

**M. Claude Meisch,** Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, fir d'alleréischt wëll ech elo emol nach eng Kéier deenen dräi Rapporteuren – déi der eigentlech nëmmen zwee sinn – vun de Mëtteg Merci soen a felicitéieren, zweemol de Gilles Baum an eng Kéier d'Mandy Minella, well ech dat virdru verpasst hat.

Da wëll ech Iech Merci soe fir déi Zoustëmmung hei zu deem iwwerschaffte Gesetz vun der nationaler Elterevertriedung. No sechs Joer huet déi national Elterevertriedung sech zu engem gläichberechtegte Partner entwéckelt an der Bildungsdiskussioun, an all den Dialogprozesser, déi um nationale Plang gefouert ginn, awer sécherlech och um sektorielle Plang gefouert ginn, well mer jo eenzel Secteuren och hunn, sief et d'Grondschoul, sief et de Secondaire, siefen et awer och d'Kompetenzzenteren an eeben elo nei derbäi eeben och déi nonformal Bildung, sief et awer natierlech och um lokale Plang, wou et un de lokalen Acteure läit, sief dat am Schoulkommitee, sief dat an der Schoulkommissioun, sief dat um Gemengeplang, natierlech déi Chance do opzehuelen, e repräsentative Partner ze hunn, mat deem ee kann zesummeschaffen, mat deem een natierlech och emol heiansdo anerer Meenung ass.

An dat ass eigentlech dat Normaalt an enger demokratescher Ausenanersetzung: wa jiddereen och Säint mat erabréngt an dann eeben herno kuckt, dat Bescht draus ze maachen, an awer Decisioune kënnen ze huelen. Dat hunn ech op jidde Fall perséinlech iwwert déi lescht Joren um nationale Plang erlieft mat der nationaler Elterevertriedung, déi mer au même titre consultéiert hu wéi d'Gewerkschaften, wéi d'Schouldirekteren an aner Acteuren. An eigentlech war do déi Stëmm, déi d'Elteren ausmaachen an der Bildungsdebatt – an ech géif dacks soen: d'Elteren och heiansdo representativ fir d'Kanner –, vill méi haart ze héieren an deene leschte Joren, wéi dat an deene Jore virdrun de Fall war.

Mat dësem Gesetz, mat dësen Amelioratioune wäerte mer der nationaler Elterevertriedung nach eng Kéier méi Méiglechkeete ginn, och um Niveau vun der Kommunikatioun, virun allem der Kommunikatioun no bannen, zu deenen anere Vertrieder, deene regionalen, deene lokale Vertriederinnen a Vertrieder vun den Elteren, fir datt mer wierklech e pyramidale System hunn, fir datt dat, wat uewen als national Positioun erauskënnt, och wierklech breet gedroen an ënnerstëtzt gëtt vun alle gewielte Vertriederinnen a Vertrieder.

Duerfir nach eng Kéier e grousse Merci. Dat heiten ass e Bäitrag zum Dialog an der Educatioun. Dat ass e Bäitrag zum demokrateschen Austausch tëschent wichtege Partner, fir eis Schoul weiderzebréngen. Villmools merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Minister. Domat wär dann d'Diskussioun zu dësem Projet de loi ofgeschloss.

Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8709. Den Text steet am Document parlementaire 8709[6].

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 8709 et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmme fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: Jo: 55, Nee: 0, an Abstentiounen: 5. Dëse Projet de loi ass also ugeholl mat 55 Jo-Stëmme bei kenger Nee-Stëmm a mat 5 Abstentiounen.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach (par Mme Diane Adehm), Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Georges Mischo, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler (par Mme Stéphanie Weydert), MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino (par M. Gusty Graas), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Patrick Goldschmidt (par M. Gérard Schockmel), Gusty Graas, Marc Hansen, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. André Bauler) et M. Gérard Schockmel ;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Ben Polidori et Ben Streff ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

*Se sont abstenus : MM. Dan Hardy, Fred Keup, Michel Lemaire, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Dann ass och dat esou decidéiert.

## 8. 8695 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 12 novembre 2004 relative à la lutte contre le blanchiment et contre le financement du terrorisme

Da komme mer elo zum Projet de loi Nummer 8695 iwwert d'Bekämpfung vu Geldwäsch an Terrorismusfinanzéierung. Mir hunn hei e Basismodell. Ageschriwwe si schonn: den Här Mosar, d'Madamm Hartmann, den Här Biancalana, den Här Hardy, d'Madamm Tanson, den Här Clement an den Här Marc Baum. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Laurent Mosar. Här Mosar.

***Rapport de la Commission de la Justice***

**M. Laurent Mosar** (CSV), rapporteur | Jo, merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Madamm Justizministesch, ech hunn also de Mëtten de Pleséier, Iech de Projet de loi 8695 virzestellen. Bei dësem Projet geet et drëm, d'Gesetz vum 12. November 2004 iwwert d'Bekämpfung vun der Geldwäsch a vun der Finanzéierung vun Terrorismus op e puer weesentleche Punkten unzepassen.

*(M. André Bauler prend la présidence.)*

Konkreet geet et engersäits ëm de Comité de prévention fir d'Wäisswäsche vu Sue respektiv de Finanzement vun Terrorismus, also ëm de Kommitee, deen eng zentral Roll an der nationaler Koordinatioun an dësem Beräich spillt. Anersäits geet et ëm eng Rei nei Bestëmmungen iwwert déi sougenannt Évaluation des risques an iwwert d'Kollekt vu Statistiken, fir d'Effikassitéit vun eisem nationalen Dispositif besser kënnen ze evaluéieren an Zukunft.

D'Zil vum Projet ass soumat en duebelt:

Éischtens soll hei déi national Gouvernance am Beräich vun der Lutte géint d'Wäisswäsche vu Suen an de Finanzement vum Terrorismus gestäerkt ginn. D'Roll vum Comité de prévention gëtt elo méi kloer am Gesetz definéiert. Seng Aarbecht gëtt besser encadréiert. An et gëtt dann och eng gesetzlech Basis fir d'Fonctioun vum Coordinateur national geschaaft.

Zweetens déngt de Projet der Ëmsetzung vun den Artikelen 8 an 9 vun der Europäescher Direktiv 2024/1640. Dës Direktiv verflicht d'Memberstaten derzou, hir national Évaluation des risques reegelméisseg um neiste Stand ze halen, se op d'mannst all véier Joer ze iwwerschaffen, a wann d'Risikosituatioun dat dann erfuerdert, och Évaluation-sectoriellen duerchzeféieren. Doniewent mussen d'Memberstaaten och Statistike sammelen, consolidéieren an un déi nei europäesch Instanze viruginn. Dëst ass wichteg, well een nëmmen op Basis vu kompletten Donnéeë kann evaluéieren, ob e System an der Praxis och wierklech effizient fonctionéiert.

Dëse Projet gouf den 29. Januar 2026 vun der Justizministesch deposéiert. An der Justizkommissioun vum 12. Mäerz 2026 ass de Projet virgestallt ginn, an ech si selwer als Rapporteur designéiert ginn.

De Staatsrot huet säin Avis den 21. Abrëll 2026 ofginn. An dësem Avis huet de Staatsrot keng Bemierkunge gemaach zu deenen neie Bestëmmungen iwwert d'Évaluation des risques a Statistiken. Hien huet awer zwou Opposition-formellen zu de Kompetenze formuléiert, déi am initiale Projet dem nationale Coordinateur zougeduecht waren. Dem Staatsrot no dierften nämlech engem Agent, deen ënnert der Autoritéit vum Minister steet, keng eege gesetzlech Kompetenzen zougewise ginn, déi eigentlech an d'Attributioune vum Minister falen. Dat hätt Problemer am Hibléck op d'Artikelen 90 an 92 vun eiser Verfassung gemaach.

D'Justizkommissioun huet dowéinst de 7. Mee 2026 en Amendement parlementaire ugeholl, fir op dës Kritick anzegoen. D'Missioune vum Coordinateur national, esou wéi se am initialen Text virgesi waren, goufen aus dem Projet gestrach.

Zur selwechter Zäit gouf preziséiert, datt de Comité de prévention vum Minister, deen de Kampf géint d'Geldgeldwäsch an d'Finanzéierung vun Terrorismus a sengen Attributiounen huet, presidéiert gëtt. Am Fall, wou de Minister verhënnert ass, kann de Coordinateur national dës Presidence als Vertrieder vum Minister iwwerhuelen.

A sengem Avis complémentaire vum 19. Mee 2026 huet de Staatsrot confirméiert, datt dës Ännerungen him erlaben, seng zwou Opposition-formellen opzehiewen.

D'Chambre de Commerce huet sech fir hiren Deel an hirem Avis vum 18. Mee 2026 och mam Projet befaasst a festgehalen, datt dëse Projet dozou bäidréit, den nationale System ze stäerken an déi europäesch Obligatiounen ëmzesetzen. Si huet also expressement hir Approbatioun zu dësem Projet ginn.

Am Ganzen – an ech hunn dat elo scho virdru gesot – geet et also ëm e ganz wichtegen Text, deen op enger Rei Punkten eis aktuell Gesetzgeebung punktuell nach preziséiert an och verbessert. E mécht den nationale System méi kloer, méi kohärent a méi effikass. E stäerkt d'Roll vum Comité de prévention. E suergt fir eng besser Évaluation des risques an erméiglecht eng méi strukturell Sammlung vun Donnéeën a Statistiken.

Gläichzäiteg gëtt mat dësem Projet europäescht Recht an nationaalt Recht ëmgesat, an dat an engem Beräich, dee fir d'Integritéit vun eisem Finanzsystem a fir d'Vertrauen an eis Institutioune vu grousser Bedeitung ass.

***Discussion générale***

Domadder dinn ech dann d'Kap als Rapporteur aus, verweise fir weider Detailer op mäi schrëftleche Rapport an doe ganz schnell d'Kap vum mandatéierte Spriecher vu menger Fraktioun un, fir fir d'alleréischt ze soen, datt mir natierlech eisen Accord zu dësem wichtege Projet wäerte ginn.

Erlaabt mer awer vläicht, dräi ganz kuerz Remarke generell zu der Thematik vum Wäisswäsche vu Suen ze maachen:

Mir sinn eigentlech am Moment als Land gutt opgestallt. Mir si ganz bäi bei den Texter, déi mer ëmzesetzen hunn. Mir hunn eis och eng Rei vun Institutioune ginn, déi ganz aktiv an der Lutte géint d'Wäisswäsche vu Sue sinn. An hei wäert – an dat hunn ech virdru jo och als Rapporteur gesot – de Comité de prévention eng extreem wichteg Roll spillen.

Déi zweet Remark, déi ech awer wollt maachen, ass, datt ee sech, wann ee vu Wäisswäsche vu Sue schwätzt, och permanent muss adaptéieren, well och déi Leit an déi Kriminell, déi esou Sue wäisswäschen, natierlech och permanent hir Instrumenter un eis Legislatiounen upassen. An do ass eigentlech ee Punkt, dee mer e bësselche Suerge mécht. Dat ass deen, datt awer ganz vill Suen am Moment wäissgewäsch ginn iwwert déi sougenannte Kryptoassets, déi net ëmmer ganz einfach ze kontrolléiere sinn. Et muss een einfach wëssen, datt sech elo scho ganz vill Aktivitéiten dohinner verlagert hunn. An ech mengen duerfir, datt et och wichteg ass, datt mer souwuel eis Justiz wéi och d'Police-judiciaire-Autoritéiten esou opstellen an hinnen och d'Moyene ginn, fir besonnesch och an dësem Domän kënnen effizient virzegoen.

Eng drëtt Remark – an dat ass dann och meng lescht Remark –: An deem ganze Beräich vum Wäisswäsche vu Suen a Finanzement vun Terrorismus ass déi international Kooperatioun vun enger eminenter Wichtegkeet, notamment och wat déi ganz Kryptoassets ubetrëfft. An et ass och do gutt, wa mer dës international Kooperatioun och permanent mat eisen Nopeschlänner, mee och doriwwer eraus, verstäerken.

Dat gesot, bréngen ech, wéi gesot, hei den Accord vun der CSV-Fraktioun.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. André Bauler,** Président de séance | Merci, Här Mosar. Als nächst Riednerin ass déi honorabel Madamm Carole Hartmann agedroen. Madamm Hartmann, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Carole Hartmann** (DP) | Jo, merci, Här President. Lëtzebuerg gehéiert zu deene Länner, déi reegelméisseg Evaluatioune vum GAFI hunn. Bei deem leschten Evaluatiounszyklus hu mer relativ gutt ofgeschnidden, dat och, well an deene leschte Joren eng ganz Rei legislativ Texter hei gestëmmt goufen a well mer do och eis Aarbecht maachen, déi gefrot gëtt.

Et ass wichteg, dass grad e Land, dat eng grouss Finanzplaz huet – an ech mengen, dat ass och vu mengem Virriedner ugeschwat ginn –, sech och deen néidege legale Kader gëtt, fir dass déi Finanzplaz och esou evoluéiert, dass et keng Schlupflächer gëtt an dass do och alleguerten d'Reegelen agehale ginn an dass mer grad och Blanchiment a Finanzement vun Terrorismus mat alle Mëttelen hei prevenéieren.

Dat heiten ass ee weideren Text a Richtung vun enger, voilà, nach besser opgestallter Legislatioun géint de Blanchiment an de Finanzement vum Terrorismus. Duerfir ass dat en Text, dee mir als Demokratesch Partei ënnerstëtzen. An ech géif menger Fraktioun recommandéieren, dëse Projet de loi dofir och matzestëmmen.

**M. André Bauler,** Président de séance | Merci, Madamm Hartmann. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här Dan Biancalana agedroen. Här Biancalana, Dir hutt d'Wuert.

**M. Dan Biancalana** (LSAP) | Merci, Här President. Jo, Lëtzebuerg huet an de leschte Jore vill Efforten ënnerholl, fir géint Geldwäsch virzegoen an huet sech och do déi néideg Instrumenter ginn. Am leschte Rapport vum GAFI a bei senger Visitt hu mer jo och méi positiv Réckmeldunge kritt, well mer eng ganz Rei Recommandatiounen zefriddestellend erfëllt hunn.

Mir sinn also net méi wéi vun 2010 bis 2012 op der Groer Lëscht gelant. Mat dësem Projet de loi gi mer op alle Fall e Schratt weider, fir eis an deem Sënn och weider gutt opzestellen. A mir hunn et jo och scho virdrun héieren: Konkreet transposéiert de Projet d'Artikelen 8 an 9 vun der Direktiv, déi sech op d'Bewäertung vun den nationale Risiken an op d'Sammlung vu statisteschen Donnéeë bezéien. Ech mengen, dat sinn och Instrumenter, déi wichteg sinn, och fir déi nächst Evaluatioun, déi de GAFI mécht an déi och deementspriechend virun der Dier steet, wou och déi reell Effikassitéit vun eisem System wäert beurteelt ginn.

Mee dann, mengen ech, huet dëse Projet de loi awer effektiv och eng méi breet institutionell Fro adresséiert, nämlech d'Verdeelung vun de Missiounen